ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Kader vum geplangte Wandpark zu Uewerkuer ass Creos aktuell am Gaang um „Vesquenhaff" bei Déifferdeng den aktuellen Transformator duerch ee vill méi groussen ze ersetzen, dat obwuel d'Zuel vun deenen ugeschlossenen Infrastrukture bis elo onverännert bliwwen ass.

Op Nofro vu concernéierte Bierger gouf gläich vun e puer Responsabele vu Creos confirméiert dat deen neien Transformator souwuel fir d'Aspeisen vun der Energie vum neie Wandpark geduecht wär, wéi och fir déi elektresch Alimentatioun vun deene geplangte Wandrieder.

Zur Zäit lafen nach ëmmer Etüde fir de Wandpark a punkto Stabilitéit vum Buedem. D'Bedeelegungsprozedur fir d'Bierger am Kader vum Kommodo/Inkommodo ass nach net ugelaf an et goufen deemno och nach keng Bedreiwer-, respektiv Baugeneemegungen ausgestallt.

Mengen Informatiounen no, wär deen neien Traffo net nëmmen an der „Zone Verte", mä bis elo och nach ouni Autorisatioun installéiert ginn.

An deem Sënn hätt ech dës Froen un d'Madame Ëmweltminister Carole Dieschbourg an un den Här Energieminister Claude Turmes:

1. Kënnen d'Madame an den Här Minister des Informatioune confirméieren? Firwat ass e neie gréisseren Transformator installéiert ginn? Steet deen an enger "Zone Verte" a wéi eng Autorisatioune leien doriwwer vir? Goufen all Oploen, zum, Beispill am Kader vum Naturschutzgesetz, respektéiert?

2. Wou sinn d'Viraarbechte fir de Projet vum Wandpark op där Plaz zu Déifferdeng genee drun? Wéi wäit ass d'Enquête publique iwwer d' Nuisance fir d'Bierger? Gëtt et schonn Erkenntnisser iwwer d'Stabilitéit vum Buedem? Wéi eng Prozedure sinn entaméiert a wéi eng nach net?Wéi wëll d'Regierung d'Bierger an den Entscheedungsprozess iwwer dee neie Wandpark mat abannen? Wéi wëll d'Regierung d'Interessie vun deene Leit schützen, déi no bei deene geplangte Wandmille wunnen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten